Schéine gudden Owend,
Mäi Numm ass Nilton Martins. Ech schaffe säit 15 Joer als Schauspiller an am Castingberäich hei zu Lëtzebuerg.

De Gérard an ech hunn eis op engem Filmset kenne geléiert an zwar am Joer 2011 beim Film « La vie d'une autre » vum Sylvie Testud mam Juliette Binoche, François Berléand a Mathieu Kassovitz. Ech hat eng kleng Roll als Serveur an de Gérard war Statist an dem schicke Restaurant wou mir gedréit hunn. An enger Paus, huet de Gérard mech gefrot fir eng Foto ze maachen (déi mer natierlech dann och gemaach hunn) a säitdeem gesi mir eis oft op engem Filmset, sief et virun oder hannert der Kamera.

À propos Fotoen. De Gérard huet, mengen ech, 12 000 Fotoe vu sengen artistesche Projeten. Hien weist iech déi duerno ! Hien huet se ëmmer dobäi.

De Gérard huet gëschter säin 201sten Projet am kulturelle Beräich gemaach. Sief et am Film, am Theater, an der Pub, Tëlee oder Fotoshooting.

Fir déi Léit, déi de Gérard net kennen. Hien ass den 12. August 1942 (haut 82 Joer) zu Hetteng a Frankräich gebuer. Hien war an der Schoul an der Schmelz zu Diddenuewen, huet du säi « Certificat d'étude » do kritt an huet do als « Dréier » geschafft. An där Zäit huet hien och seng Fra d'Marianne kenne geléiert.
Dunn huet hie säi Service Militär 1962 gemaach. Hien war op der Côte d'Azur an 10 Méint am Senegal stationéiert. De Gérard hat sech ze vill un d'Temperature vum Senegal gewinnt (deemools 50 Grad). Wéi hien dunn 1963 op Lëtzebuerg zeréck komm ass, ass en am Summer bei 25 Grad mat der Wanterjackett duerch d'Géigend gelaf well et him ze kal war.

De Gérard huet 3 Joer laang seng Meeschterprüfung an der Handwierkerschoul um Lampertsbierg gemaach. Säin Ofschloss hat hien... mä schnell krut hien eng Propose als Chauffer fir d'Direktioun vun der Diddelenger Schmelz. Hien huet déi Aarbecht wärend 25 Joer fir 3 verschidden Direktere matt Bravour gemaach.

Dem Gérard an dem Marianne hire Bouf; den Armand huet an engem Televisiounsfilm mam Christopher Lee de « Sherlock Holmes » am Joer 1990 als Statist matgemaach. De Gérard war ganz interesséiert fir och mol Statist ze sinn an huet sech dunn e puer Joer drop, bei senger Pensioun, bei Deluxe Production a Carousel Pictures präsentéiert fir och mol kënnen an engem Film mat ze maachen. Hie gouf nach den Dag selwer engagéiert fir den Dag DROP direkt am Film « Shadow of the Vampire » mam William Defoe a John Malkovitch mat ze wierken.
Ab deem Dag ass seng kulturell Aventure ugaangen. Hie gouf als Statist, Acteur oder Dubbel vu verschidde Casting Direkteren hei am Land engagéiert. Anekdote vun den 201 Projeten huet de Gérard der genuch ze zielen.

Seng wichtegst Projete waren :
« Pinocchio » vum Steve Barron,
« George and the Dragon » vum Tom Reeve mam Patrick Swazye an de Michael Clarke Duncan.
« Le marchand de venise » mam Al Pacino
« Le dernier diamant » vum Eric Barbier mam Bérénice Bejo a Yvan Attal. Do huet hien d'Roll vum Direkter vun engem Hotel gespillt.
« Angelo » vum Markus Schleinzer, wou mir zesummen d'Rolle vun den Déngschthäre vun der Comtesse « Alba Rohrwacher » gespillt hunn.

De Gérard huet Acteure gedubbelt wéi de Michael Caine an de Michel Piccoli. Hien huet a sämtleche Lëtzebuerger Filmer matgewierkt an oft mam Andy Bausch geschafft. Am Theater war hien och als « Background Statist » e puer mol täteg.

Hien huet mam Linda Hamilton, Ruthger Hauer, Ralph Finnes, Catherine Deneuve, Demi Moore, Scarlett Johansson, Colin Firth, all méigleche Lëtzebuerger Acteure wéi Thierry Van Verweke, André Jung, Fernand Fox, Désirée Nosbusch, Luc Schiltz, Nicole Max an an an... gedréit.  Et sinn der vill. Wéi gesot d'Fotoe si parat wann der se wëllt gesinn.

D'Konditiounen op engem Filmset sinn hei an do net ganz einfach. Et si vill Stonne waarden, ze waarm Kleeder am Summer un hunn oder am T-Shirt bei -10 Grad dobaussen an der Keelt stoen. Et gëtt hei an do och nuets gedréit am Reen, am Schnéi, am Schlamm... mat Makeup, falschem Blutt an an ... De Gérard huet dat alles erlieft. Et gi mol Statisten oder Acteuren, déi op engem Filmset wéinst deene schwéiere Konditioune midd sinn, granzen oder méi fréi heem wëllen...

Beim Gérard hunn ech dat ni erlieft. Hien ass ëmmer gutt gelaunt, motivéiert, kennt d'Konditioune vun engem Filmset an iwwerdréit ëmmer seng Positivitéit un all déi aner Statisten oder Acteuren déi präsent sinn.

Déi gutt Säiten déi hien erlieft huet, waren natierlech d'Treffe vun all den nationalen an international Acteuren a Statisten, a Kleeder ze spille vum 17., 18., 19. Joerhonnert... a Kulissen ze dréie wéi Venedeg, flott Plazen iwwerall hei am Land oder am Filmstudio.

Ech well der merci soen... Mat dir ze Schaffen, ze diskutéieren oder e Patt ze drénke maache mir ëmmer Freed. Ech gratuléieren dir fir deng Éierung den Owend a wënschen dir nach ganz vill flott artistesch Projeten, vill flott Biller... well ech hat vergiess ze soen; de Gérard huet och eng Leidenschaft fir d'Molen... Fotoe ginn et der och dozou oder dir gitt einfach bei hien heem iech déi flott Biller ukucken.

Wéi gesot. ech wënschen dir vill artistesch Projeten, flott Biller déi du mools... a virum allem eng gutt Gesondheet fir dech, déng Famill an deng Frënn.
Merci un d'Martine Kohn an der « Ville de Dudelange » fir des Éierung un de Gérard.